# De Nikela Reuter



**Grënnungsspiller, fréiere President vum Club a Supporter bis haut**

De Nikela Reuter ass de 7. Abrëll 1938 zu Contern op d´Welt komm. Seng Elteren, den Edmond Reuter and d'Marechen Mailliet haten de Bauerenhaff a Nommesch. Hien huet nach dräi Geschwëster, d'Margot, d'Kettty an d'Berthe a war den eenzege Bouf an de Jéngsten vun hinnen.

No der Primärschoul zu Contern ass hien 2 Joer an d'Akerbauschoul op Ettelbréck gaangen an huet do säin Diplom am Fach Landwirtschaft gemaach. Duerno ass hien nach 1 Joer op Virton an den Internat geschéckt ginn fir, wéi säi Papp gemengt huet, mol anstänneg franséisch ze léieren.

Am Januar 1957 gouf de Nikela fir e Joer an d'Arméi agezunn a no 6 Wochen Ausbildung koum hien op Walfer an d'MP (Militär Polizei). No sengem Militärdéngscht huet hie doheem am Bauerewiesen geschafft.

Dunn huet de Nikela d'Maisy Sonntag vun Itzeg kennegeléiert a 1967 hu si sech bestuet. Si krute noeneen 4 Kanner, d'Martine (†1968), d'Michelle, d'Martine an d'Monique. Bis haut si nach 4 Enkelen derbäi komm, 3 Meedercher an e Jong. Kuerz no dësem Interview am November 2016 huet d'Maisy de Nikela a seng Kanner no laanger a schwéier Krankheet fir ëmmer verlooss. Op dëser Plaz drécke mir dem Nikela a senger ganzer Famill eist déifste Matgefill aus.

Wéi 1964 DuPont de Nemours op Contern koum huet hien sech do gemellt a gouf och direkt agestallt fir am Power (Kraaftwierk) als Operator ugeléiert ze ginn. Scho no kuerzer Zäit hat hien all Etappen an Examen gepackt fir an der Hierarchieleeder erop ze klammen an de Power selbstänneg ze steieren an dofir ze suergen, datt den DuPont ëmmer genuch Damp an Dow (e Produkt fir bei héigen Temperaturen e niddregen Drock ze behalen) hat fir d'Wierk um Lafen ze halen. 1978 huet de Nikela beim DuPont gekënnegt fir doheem d'Bauerewiesen ganz ze iwwerhuelen.

Vun 1958 un war hien, 35 Joer laang, bis 2003 am Juegdsyndikat wou hien d'Funktioun als Sekretär a Keessjee hat an doniewent, vu 1982 bis 2002, war hien och nach President vum Office Social.

Scho vu klengem un huet de Nikela sech fir de Sport interesséiert. Well an deem Beräich awer zu Contern net vill lass war huet d'Jugend sech an de fofzeger Joren iwwerluecht fir eventuell e Sportsveräin ze grënnen. Am Gespréich waren ënner anerem och de Fussball an den Dëschtennis. Schlussendlech hu si sech fir de Basket entscheet. De Nikela war vun Ufank un mat Begeeschterung derbäi. 1957 hunn se fir d'éischt am Championnat matgespillt a goufen déi 5. an der 2. Divisioun. Deemools goufen et nëmme 2 Divisiounen. Den éischte Terrain war am alen Schoulhaff et gouf am Fräien op haardem Beton bal bei all Wieder gespillt. Hien erënnert sech, datt si 1960 géint den HB Diddeleng (deemools war de Basket zu Diddeleng eng Ënnersektioun vum Handball) de Schoulhaff fir d'éischt mat Schëpp a Biischt vu Schnéi an Äis hu misste propper maachen a si mat äiskalen a gefrueren Hänn op naassem a glatem Terrain hu misse spillen. An trotzdeem hu si 16 op 12 gewonnen. 1978, no 21 Joer, war et dann awer genuch als aktive Spiller.

Mee net nëmmen um Terrain war de Nikela aktiv. Vu 1956 bis 1992 war hien am Komitee, dovun vu 1970 – 1974 als President. Nach haut ass hien e ferventen Unhänger a sëtzt meeschtens op der Haapttribün uewen an der Mëtt niewent senger Duechter Michelle dat him do ëmmer eng Plaz reservéiert. Seng dräi Meedercher hunn alleguer vu Kand un an de verschidden Equippen matgespillt a sinn nach haut staark mat dem Basket verbonnen, sief et als Member an engem Komitee, als Coach, soss enger Funktioun oder fir eng Hand mat unzepaken. Och d'Enkelkanner si begeeschtert vum Basket a spillen zum Deel a de respektiven Jugendequippen.



Eng flott Saach war fir de Nikela ëmmer wann de Basket 2 Meekränz an de Bësch maache gaangen ass an ee beim President doheem an duerno deen zweeten beim Wiert a „Schockesch" opgehaangen huet an dat da kräfteg gefeiert gouf. Wa si an d'Éislek op en Auswärtsmatch gefuer sinn huet hien haut nach ëmmer a gudder Erënnerung. Den Terrain zu Woltz z. B. war esou schif, wann een deen e puer mol erop an erof gelaf war, konnt och mol engen d'Loft ausgoen. Egal, et war ëmmer e flotten Ausfluch an den Heemwee ass mëschtens an Etappen geschitt mat Pausen an dem engen oder aneren Bistro...

Tragesch fir de Nikela war, wéi hiren deemolegen President, de Marcel Reiland am jonken Alter vu nëmmen 32 Joer plëtzlech gestuerwen ass a seng Fra d'Josée mam Michel a mam Serge, dee nach net gebuer war, hannerlooss huet. De Marcel war e sympatheschen, engagéierten a gesellegen President. Hien huet e grousst Lach hannerlooss an et war net einfach dee Schock ze iwwerwannen an hien ze ersetzen. Et ass awer weidergaangen wéi mir haut gesinn.

De Nikela well awer och de Carlo Simmer net vergiessen, dee vill Aarbecht fir de Club geleescht huet an ënner deem senger Presidentschaft den éischten „Amerikaner" engagéiert gouf. De Carlo huet dofir gesuergt, datt ënnert him de Club ëmmer méi gewuess a grouss ginn ass an doduerch haut dat ass wat en ass!

De Nikela huet nach e Wonsch. Et wier immens schéin wann d'Jongen an d'Meedercher vum AB Contern erëm eng Kéier de Champion maache oder d'Coupe gewannen géifen an, dass och an Zukunft ëmmer genuch Fräiwëlleger bereet sinn fir eng Hand mat un ze paken an de Veräin op deem Niveau ze halen, wéi dat déi läscht 30 Joer de Fall war. Deem schléisse mir ons un.

Dem Nikela wënsche mir datt säi Wonsch an Erfëllung geet, eng gutt Gesondheet, datt hien nach lang an onser Mëtt ass, seng Matcher an d'Hal um Ewent kucke goe kann a nom Match de Patt mat senger Famill, senge Kollegen a Kolleginnen genéisse kann.

***Mam Nikela hu geschwat d'Monique Loos an de Marco Eifes***